



## DAP ÉDUCATION

UNE NOUVELLE  
FORMATION DAP

## DAP ÉDUCATION

ENG NEI  
DAP-AUSBILDUNG



# DAP ÉDUCATION - MENG AUSBILDUNG, MENG PASSIOUN



An all de Regiounen  
Dans toutes les régions



2022-2023



DE & FR \*



5G / 5AD / 5P



# DAP EDUCATION - ENG NEI FORMATIOUN AB SEPTEMBER 2022

**Du hues e gudden Ëmgang mat Kanner? Du kanns dech a Kanner eraversetzen a verstees hir Besoinen? Du sichts eng Berufsausbildung mat vill praktescher Erfahrung a schaffs gärten an enger Ekipp?**

## **DANN ASS D'FORMATIOUN DAP ÉDUCATION DAT RICHTEGT FIR DECH!**

Voraussetzung ass eng gepackte 5e an den Accès op den DAP Catégorie A.

D'Berufsausbildung DAP Éducation dauert dräi Joer a fënnt Vollzäit an der Schoul statt. A fënnef Stagë vu sechs Wochen entdecks du déi praktesch Aarbecht mat Kanner.

Exercicer, Videoen a Rollespiller hëllefen dir dobäi, Kanner vun den ënnerschiddlechsten Altersgruppen ze observéieren an esou hir Besoinen ze erkennen. Du léiers, Puppelcher gefillsvoll ze versuergen, an d'Entwécklung vu klenge Kanner a Schoulkanner ze begleeden. Du bidds de Kanner Geleeënheeten, ze experimentéieren an dobäi eegestänneg ze léieren. Du handels professionell, bewosst a verantwortungsvoll.

Nom DAP kanns du a Betreuungsstrukture schaffen, z. B. a Maison-relaisen oder Crèche fir Kanner vun 0-4 a vu 4-12 Joer. Du kanns awer och a sozio-pedagogesche Strukture fir Jugendlecher schaffen.

D'Formatioun gëtt vun 2022-2023 un op Däitsch ugebueden, a fir d'Schouljoer 2023-2024 och op Franséisch.

*\* Ab September 2023 gëtt d'Formatioun op Franséisch ugebueden.*

# NOUVELLE FORMATION DAP À PARTIR DE SEPTEMBRE 2022

**Tu as un bon contact avec les enfants ? Tu aimes t'occuper d'eux et tu es à l'écoute de leurs besoins ? Tu es aussi à la recherche d'une formation professionnelle pratique ? Et tu aimes travailler en équipe ?**

## LA NOUVELLE FORMATION DAP ÉDUCATION EST FAITE POUR TOI !

Pour y accéder, tu dois avoir réussi ta 5e et être admissible en formation professionnelle DAP catégorie A.

La formation dure trois ans à plein temps. Au cœur de cette formation, cinq stages de six semaines te permettent de découvrir le travail avec les enfants.

Grâce à des vidéos, des exercices pratiques et des jeux de rôle, tu apprends à observer des enfants d'âge différents et à reconnaître leurs besoins. Tu découvres comment s'occuper des nourrissons avec douceur, accompagner le développement des (jeunes) enfants et comment contribuer à créer un espace où ils peuvent s'expérimenter librement et ainsi s'épanouir. Tu apprends aussi à agir de manière professionnelle, consciente et responsable.

Après le DAP, tu pourras travailler dans une structure d'éducation et d'accueil, comme les crèches pour les 0-4 ans ou les maisons relais pour les 4-12 ans, ou encore dans des structures d'encadrement pour jeunes.

La formation est offerte en allemand dès 2022-2023 et en français à partir de 2023-2024.

*\* La formation sera offerte en français à partir de septembre 2023*

## DAP ÉDUCATION

## MENG AUSBILDUNG, MENG PASSIOUN



An all de Regiounen  
Dans toutes les régions



2022-2023



DE & FR \*



5G / 5AD / 5P



---

**DAP  
ÉDUCATION**

**-  
MENG  
AUSBILDUNG,  
MENG PASSIOUN**

---



LE GOUVERNEMENT  
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG  
Ministère de l'Éducation nationale,  
de l'Enfance et de la Jeunesse